

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro Nummer 4403 hat ech den Här Policeminister ënner anerem no de geplangte Schléissunge vu Policekommissariater (sites de police) am Kader vun der Policereform gefrot. Leider ass den Här Minister a senger Äntwert net op dëse konkrete Punkt agaangen.

Duerfir géif ech dem Här Policeminister nach gär des Nofroe stellen:

- 1) Sinn dëst Joer scho Policekommissariater zougemaach ginn? Wa jo, wéi eng?
- 2) Ass et virgesinn fir bis Enn des Joers weider Policekommissariater zouzemaachen? Wa jo, wéi eng sinn dat a wéi presentéieren sech déi geplangt Delaien?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten